PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 21/05/2021

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Interieur weiderzeleeden.**

Déi däitsch Johanniter hunn viru kuerzem ee Projet virgestallt, dee verhënnere soll, dass voyeuristesch veranlaagt Persounen bei engem Accident d'Aarbecht vun den Ambulanciere behënneren. Mat QR-Coden, déi un d'Ambulanz, un de Rucksäck vun den Ambulancieren an op mobillen Unfallschutzwänn vun de Johanniter gepecht ginn, solle Persounen, déi versiche mam Handy den Accident ze filmen, automatesch ee Message op hiren Handy geschéckt kréien. Dëse Message mécht si drop opmierksam, dass hiert d'Handelen de Sanitäter hier Aarbecht behënnert a strofbar ass.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Wéi steet d'Regierung zur Aféierung vun esou engem Projet zu Lëtzebuerg?
2. Wier esou ee Projet och zu Lëtzebuerg ëmsetzbar?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député